Eltere Forum

ENG PLAZ FIR ALL ELTEREN

# 7 IWWERLEEUNGEN zur Sprooch an der Famill

Deutsche Version
Version française
English version
Versão portuguesa



1

## „Wauwau“ oder Hond?

D'Kanner erfuerschen d'Sprooche vu Klengem un an experimentéieren domat. Hei e puer Pisten déi d'Entwécklung vun der Sprooch an d'Loscht un der Kommunikatioun fërderen: :

- D'Kand léiert dat Wuert, dat mir benotzen (et kann ee „Wauwau“ soen, mee et soll een awer net vergiessen, och „Hond“ ze benotzen).
- Déi ganz Kléng kënne mir ënnerstëtzen andeems mir d'Géigestänn beschreiwen an eis Gesten mat Wieder begleeden.
- Eis Kanner verstinn eis besser, wa mir op Aenhéicht mat hinne schwätzen.
- Lidder, Geschichte, Reimen, Rätselen, all dat reegt d'Kanner un, sech auszedrécken.



2

## E villsproochegt Land ...

D'Kand léiert d'Sproochen, déi a sengem Ëmfeld geschwat ginn, op eng natierlech an intuitiv Manéier.

Et verspiert e reelle Besoin déi Sproochen ze benotzen déi vu senger direkter Ëmwelt geschwat ginn.

Dobäi ka Jiddereen déi Sprooch benotzen an där en sech am wuelsten an am sécherste fillt.



3

## Mamma, Pappa, wéi wäit ass de Mound ewech?

Mir kënnen net alles wëssen an och net ëmmer eng Äntwert op all d'Froe vun eise Kanner hunn.

Billerbicher, Sachbicher, Sichmaschinne fir Kanner, Wimmelbicher, Léiervideoen asw. hëllefen eis, mat eise Kanner iwwer déi Froen ze schwätzen, déi si sech stellen, an eis mat hinnen auszetauschen.



4

## ... an d'Lauschteren?

Lauschteren hëllleft eise Kanner, hir Fantasie an hir Kreativitéit zeentwéckelen, et reduzéiert Stress a fërdert d'Empathie an d'Wuelbefannen.

Nolauschtere kënnen ass den éischte Schrëtt vun all kritescher Iwwerleeung. Et ass eng wichteg Kompetenz, déi een net ënnerschätze soll. Hautdesdaags hu mir Zougang zu enger grousser Vilfalt un héichwäertegen Informatiounsformater a -quellen.

Hei e puer Iddie vu Formater, déi een deene Jonken ubidde kann: Hörbicher, Podcasten, Musek, Museksgeschichten a Radiosendungen.

## Wouhi mat de Wierker vun Äre Kanner?


Mir kënne eis Kanner encouragéieren, hir Gedanken, hir Geschichten an hir Fantasie auszedrécken.

Duerch d'Hannerloosse vu Spuere mat Zeechnungen oder klengen Texter gëtt de Kanner hir Kreativitéit wäertgeschätzt an hiert Selbstvertraue gestäerkt.

Eng Plaz, op där si doheem molen, bastelen a schreiwe kënnen, reegt d'Kanner un, sech am Alldag auszedrécken.

Fir hir Produktiounen ze valoriséieren, kann een:

- Déi kleng Wierker op enger fester Plaz ausstellen (Rummen, Kork- oder Magnéittafelen, Frigo, gespaante Schnouer asw.).
- Vun Zäit zu Zäit alles zesummeleeën an auszortéieren, woubäi et wichteg ass, dat mam Kand zesummen ze maachen.
- Dem Kand seng Produktioune si ganz gutt Geleeënheeten, fir sech mat him auszetauschen.
- Firwat net verschidde Wierker un d'Famill oder u Frënn verschenken?




## Erënnert Dir Iech un Är Kannerbicher?




Vill Etüden hu gewisen, datt d'Liesen an der Famill eng wichteg Roll beim Léiere vun der Sprooch a beim spéidere schouleschen Erfolleg spillt.

Et kann een all Dag Zäit fannen, fir an der Famill Bicher ze kucken an ze liesen: sief et, fir Waardezäit ze iwwerbrécken (z. B. beim Zänndokter, am Restaurant, am Auto) oder fir den Dag mat enger Guttnuechtgeschicht ofzeschléissen. Dëse gemeinsame Moment ass eng wonnerbar Geleeënheet, fir wäertvoll Zäit an der Famill ze verbréngen.

Hei e puer Iddien:

- Et kann een iwwerall Bicher leien hunn, am Haus, am Auto, an enger klenger Familljebibliothéik asw.
- D'Freed um Buch kann een deelen, andeem ee vu Klengem u mat de Kanner Bicher kuckt an zesumme liest.
- Bibliothéiken, Bicherbutteker, Theateren a Kulturzentre si formidabel Plazen, fir d'Welt vun de Biller an de Wierder ze entdecken.
- Nieft dem klassesche Buch ginn et eng sëlleg Billerbicher, Zäitschrëften, Revuen, Comicken, Zeitungen asw. vun enger ganz gudder Qualitéit fir Kanner.

## Wéi e Wuert dréckt aus, wat ech fillen?

Eng gutt Kommunikatioun hëlleft eis, e gutt Gläichgewiicht an der Famill opzebauen an ze erhalen:

- Mir sinn disponibel fir eis Kanner wa mir eis Zäit huele fir nozelauschteren a Froen ze stellen.
- Andeem mir eis Gefiller identifizéieren an doriwwer schwätzen, hëllefe mir dem Kand, seng eegen Emotioune besser ze verstoen a seng Gefiller a Wierder ze faassen.
- Mir hu méi Chancen, verstanen ze ginn, wa mir eis Besoinen a Fuerderunge kloer an éierlech formuléieren.




Den Eltereforum ass e Service vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Et handelt sech heibäi em eng Plaz wou sech all Eltere beroden, informéieren an ënnerstëtze kënne loossen.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

eltereforum.lu

Eltere Forum
ENG PLAZ FIR ALL ELTEREN